# Zesumme liewen an Europa.
# Ouni Grenzen. Am Fridde mateneen.

**Interventioun vum Buergermeeschter Paul Weimerskirch**
**zum Europadag de 9 Mee 2020**

**Gudde Moien...**

... fir dës kleng Rencontre. Jo de Covid-19 huet villes verännert ... an och hien ass Matschold, datt am spéide Muere mir eis hei am klenge Krees zesummefonnt hunn.

**Gëschter 8. Mee. Dag vun der Befreiung.** E wichtege Gedenkdag – et wor d'Kapitulatioun vun der preisescher Wehrmacht, vu Nazidäitschland an domadder och d'Enn vum Zweete Weltkrich. E Krich, dee vill Dout, Leed a Nout iwwer d'Welt an Europa bruecht huet. Den 8. Mee ... dofir och de VE-Day ... Victory in Europe Dax!! Viru 75 Joer ... den 8. Mee 1945: Europa louch um Buedem, zerstéiert, ouni Hoffnung, ouni Perspektiven ...

**De 9 Mee 1950. Fënnef Joer méi spéit.** Europa soll nees opbléien, a Fridden a Wuelstand, matenee liewen a sech eens ginn.

De Robert Schuman wollt dat méiglech maachen, nei Brécke solle gebaut a geschloe ginn, nei Zesummenaarbechte soll definéiert ginn, ... neie Weeër an eng enk ekonomesch Zesummenaarbecht sollen dës Iddeeë begleeden ... d'Iddie vun engem gemeinsamen Europa wor gebuer, ... an huet sech och iwwer déi leescht Joer zu enger Successtory entwéckelt, wuel wëssend, datt um Wee ëmmer nees Hürden a Barrièren ofgebaut hu misste ginn, ...

... **et wor keen einfache Wee**, allerdéngs den Engagement vu Leit ewéi Robert Schuman, Konrad Adenauer, Jean Monnet ...a villen aneren Idealisten ... an och ëmmer nees Lëtzebuerger Politiker ewéi den Éierestaatsminister Pierre Werner ... hunn aus engem zerstriddenen, zerstéckelten an zerstéierten Europa ... iwwer d'Europäesch Communautéit fir Kuel an Eisen a spéider d'Europäesch Gemeinschaft zur europäescher Unioun gemeet ... mat allen Schwächten a Stäerkten, mat enger gemeinsamer Europäescher Wärung a villen anere gemeinsame Politike gemeet.

**Jo d'Kuel an d'Eise woren den Ufank.** An dem Robert Schuman seng Deklaratioun vum 9. Mee 1950 - haut op den Dag viru 70 Joer – ass d'Basis vun all deem. De Schuman, hie koum hei zu Lëtzebuerg op d'Welt, gëllt deemno zu Recht als ee vun de Grënnungspäpp vun Europa, wéi mir et haut kennen. Eng Iddie geet hire Wee ... wuel wëssend, datt de Schuman ëmmer nees Leit a Politiker fonnt huet, déi säi Wee gestäipt a weidergaange sinn.

**D'Belsch, Däitschland, Frankräich, Holland, Italien a Lëtzebuerg hunn 1952 nom Plang vum Robert Schuman d'Europäesch Gemeinschaft fir Kuel an Eisen (CECA) geschafen.** Domadder sollt vrun allem de Fridden tëschent dëse Länner assuréiert a gefestegt ginn. Haut wësse mir et wor och oder virun allem och de Grondstee fir déi spéider Europäesch Unioun, déi fir Lëtzebuerg a vill aner Länner nei Chancen an nei Perspektiven opgemeet huet. Perspektiven a Chancë fir Wuelstand a soziale Fridden.

Déi selwecht sechs Länner hunn **1957 eng Wirtschaftsgemeinschaft an d'Liewe geruff**. Dorausser ass à la suite vun engagéierte Politiker aus ville Länner,

ënnerschiddleche politeschen Opfaassungen d'Europäesch Gemeinschaft (EG) entstanen. Ëmmer méi Länner koumen derbäi, wollte matmaachen.

Et koum d'Zäit vun der Verhandlungen tëschent Länner fir Europa ze festegen, ze stabiliséieren. Et wor d'Zäit fir d'Ratifikatioun. An am Joer 1993 mam **Vertrag vu Maastricht** eng nei Dynamik definéiert a votéiert ginn: d'Europäesch Unioun (EU) ass geschafe ginn. Haut nennen eppes Klenges méi ewéi 500 Millioune Leit d'EU hiert Doheem. Fir déi meescht dovunner – een Erfollegsmodell a sozialer, ekonomescher a gesellschaftlecher Hisiicht mat nohaltegem Charakter.

**Dann ass do nach Schengen.** Duerch d'Ofkommes vum 14. Juni 1985, viru 35 Joer, huet dat klengt Wënzerduerf am Dräilännereck et fäerdeg bruecht weltwäit bekannt ze ginn. Schengen steet fir de fräie Wueren- a Persouneverkéier. Schengen ass e Meilesteen. Fir all déi Leit, déi an dem Raum liewen. Well Schengen steet fir een Europa mat oppene Grenzen. Schengen steet fir Frëndschaft iwwer d'Grenzen eraus. Schengen steet fir e liewegt a conviviaalt Europa. Fir déi meescht vun eis eng quasi Selbstverständlechkeet ... mir reesen ouni Pass, kafen an, wou mir wëllen, bezuele mat der selwechter Wärung, studéieren, wou mir wëllen, liewen zanter bal 70 Joer a Fridden ...

**Awer genee dat Europa** huet an de leschte Wochen zolidd Téitsche krut. Jo déi sanitär Kris ronderëm de Coronavirus wor den Erléiser fir eng nei Situatioun ... fir eis kleng Gesellschaft Lëtzebuerg, awer och fir eis grouss Gesellschaft Europa ...Well deem engen an deem aneren op eemol d'Haut méi no war wéi d'Hiem. Wuel kee konnt sech a senge kéngsten Dreem virstellen, datt eng Rei Nationalstaaten erëm géinge Barrièren opriichten a Kontrolle maachen, déi de Passage vun engem Land zu deem anere Land erschwéieren oder onméiglech maachen.

Dofir dëse klengen Acte de Solidarité mat de Gemengen, déi am Grenzraum zu Däitschland, Frankräich a der Belsch liewen an dofir dës ...

**... Deklaratioun, déi an dësem Moment a ville vun eis 102 Gemenge gelies gëtt ... dëst op Initiativ vun de Grenzgemenge mat der Ënnerstëtzung vum Gemengesyndikat Syvicol, deen an de leeschte Woche vill Aarbecht geleescht huet, villes koordinéiert huet am Intressi vun all eenzel Gemeng, dëst mam Bléck op an zum Wuel vun alle Matbierger/innen an eise Gemengen, Stied an Dierfer ... Merci dem Emile Eicher a sengen engagéierten Equippen.**

## Fir en Europa mat oppene Grenzen

Europa huet dat zesummebruecht, wat zesummegehéiert. Europa, dat ass en Zesummeschaffen an en Zesummeliewen. A kee soll d'Recht hunn, d'Leit an hir Liewensgewunnechten duerch Grenzen ze blockéieren.

Europa, dat sinn Honnerte vu gemeinsamen Aktiounen a Projeten, déi op kommunalen, lokalem a regionalem Plang ëmgesat ginn. Europa, dat si Frëndschaften a Partnerschaften, déi wäit iwwert d'Grenze vun de jeeweilege Länner erausginn. Firwat soll all dat elo beim Kampf géint d'Verbreede vun engem Virus ausser Kraaft an domadder op d'Spill gesat ginn?

Reesen ouni Grenzkontrollen. Sech sécher fillen, an een deem anere vertrauen. Europäer ze si bedeit zënter 75 Joer ouni Krich kënnen ze liewen. Mat ville Fräiheeten, Garantien a Rechter. All dat baséiert op wirtschaftlecher a politescher Stabilitéit. An op der Solidaritéit ënnerteneen. Wéi dat elo zënter Joerzéngten Usus ass ënner gudden Noperen.

Europa ass awer virun allem och een Europa vun de Bierger. Onofhängeg dovunner op sie déi eng Säit oder déi aner Säit vun de Landesgrenze liewen. Europa ass och en Europa vun de Gemengen a vun de Stied. Well et ass do, wou d'Leit Doheem sinn a liewen.

Duerfir och dëse Message vun de Lëtzebuerger Gemengen a Stied zesumme mat sengem Daachverband, dem SYVICOL.

**Europa soll bleiwen, wat et ass. Eng staark Unioun!**

Déi Unioun gëtt, wéi vill aner Liewensgemeinschafte weltwäit, zur Zäit vun engem Virus op d'Prouf gestallt, mee duerfir brécht se elo awer net auserneen. Well duerfir sinn all déi Verbindungen ze staark an d'Solidaritéit ze grouss.

Haut op dësem 9. Mee 2020, dem Europadag, genau 70 Joer nom Dag vum Robert Schuman senger Deklaratioun, halen déi Lëtzebuerger Gemengen, zesumme mat hire jeeweilegen Nopeschgemengen aus Däitschland, der Belsch an aus Frankräich, den Europäesche Gedanke ganz héich.

Mat engem staarke Message a mat engem symbolesche Geste gëtt den Europafändel eropgezunn.

An och aus Stolz op eng Liewensgemeinschaft, déi esouvill ze bidden huet.

Duerfir: Fir en Europa mat oppene Grenzen. D'Bierger vum ale Kontinent kennen a wëlle keen anert Europa!

Esou wäit dës Deklaratioun: **Zesumme liewen an Europa. Ouni Grenzen. Am Fridde mateneen. Net méi a net manner wëlle mir. Merci fir d'Nolauschteren.**